

LES SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force



No 4/1988
Juillet/Août

27e année

Fédération :
9, rue du Fort Elisabeth
Luxembourg

Journée Commémorative Nationale des EdF


Dimanche, le 11 septembre 1988 (Baueresonndeg)
43e Anniversaire du retour des Enrôlés de Force
au sein de la communauté nationale

Programme:

- 15.00 h: Gare de Luxembourg-Hollerich
Dépôt de fleurs au Monument National de la Déportation civile et militaire
- 15.30 h: Gare centrale de Luxembourg
Dépôt de fleurs au Monument des Cheminots
- 16.00 h: Eglise Sacré-Coeur, Luxembourg-Gare
Messe solennelle chantée par la Chorale des EdF
- 17.00 h.: Parvis de l'église
Concert patriotique offert par la «Garnisounsmusék» sous la direction de Josy Comes
- 17.15 h.: Départ du cortège pour le «Kanounenhiwwel»
- 17.30 h: Monument National de la Solidarité Luxembourgeoise
Cérémonie commémorative
Dépôt de fleurs, sonnerie aux morts
Homélie
Hymne National

De Fédérationscomité lued all Enôlés de Force, Männer wéi Fraen, mat hirer Famill, hire Bekannten a Frënn an, den 11. September un der Journée commémorative nationale deelzehuelen. Mir all sin deene sëllege Komerodinnen a Komeroden et schëlleg, eemol am Joer, an dat an aller Öffentlechkeet, hirer besonnesch ze gedenken. Duerfir huele mir eis viir, den 11. September mat derbäi ze sin. Ee klänge Sonndegnomëtteg werde mer affere kënnen, fir en eise Komeroden ze schenken, déi, oft ganz laang, virun äis aus dësem Liewen ausgescheet sin.

Eis Titelsäit. — Et as dat déi Plaque. déi d'Amicale des Anciens de Tambow um Kiirfecht vu Kirsanow amauere geloos huet. Dës Plaque hate mir op der zweeter Deckelsäit vum Bulletin No 3/1988 (d.h. an der viirechter Nummer) viirgestalt. Am nächste Bulletin bréngt mir en ausféierleche Rapport iwwert déi dräi Reesen op Kirsanow.



Inhalt:

Zum Gediechtnes
Amicale des
Anciens de Tambow
Eisem Président Metty Scholer
zur Erinnerung
In Memoriam
Roger Hemmen,
Scharel Hoffmann,
René Schaack
Il n'est jamais trop tard pour
bien faire
L'Amicale Albert Ungeheuer
Conveniat PINNE & JANNOWITZ
Beutegermane-Beutedeutsche
Promenade Surprise
Nach eemol Hinzert
Emouvantes cérémonies
franco-luxembourgeoises à
Russange
Wiedersehen der «Komeroden
vun Hammer» in Walferdingen
E.d.F. Walferdange
Amicale Brahnau-Bromberg
E Baam am Wee

**Fédération des Victimes du
Nazisme Enrôlés de Force,
Association sans but lucratif**
Siège: Luxembourg, 9, rue du
Fort-Elisabeth. - Boîte postale
2415 Luxembourg-Gare.

C.C.P. 31329-95
Banque Intern.: 5-217/4546
Rédaction du bulletin bi-mes-
triel «Les Sacrifiés, Luxbg.,
9, rue du Fort Elisabeth,
Boîte postale 2415
1024 Luxembourg

**Service social aux Enrôlés de
Force, 9, r. du Fort-Elisabeth,
Luxembourg-Gare**

Tél.: 48 32 32.

L'Association des Parents des Déportés Militaires Luxembourgeois, Secrétariat: 9, rue du Fort Elisabeth, Boîte postale 2415, Luxbg-Gare — **L'Amicale des Anciens de Tambow,** Secrétariat, Kleinbettingen, 14, rue de Kahler, ccp 24007-48 — **L'Association des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme,** Secrétariat: Luxbg, 9, rue du Fort Elisabeth, B.P. 2415, Luxbg-Gare, ccp 31 324-90 — **Association des Survivants des Enrôlés de force, a.s.b.l.,** Siège: Luxbg, 9, rue du Fort Elisabeth. La correspondance est à adresser à Mme Josée Reeff, 11, rue. de Moutfort, L-5355 Oetrange, Tél.: 350 14.

Impr. Hermann, Luxbg

Zum Gediechtnes

Wat fir déi eng Leit am Land scho laang hier as, kënt aneren, esou wéi äis Enrôlés viir, wéi wann et eréscht gëschter gewiescht wir. D'Folge vun diem, wat mir duerch d'Zwangsrekrutierung um eegene Leif erlidden hun, wierke sech haut voll a ganz aus. Wonnen a Krankheeten, vun deenen ee geméngt hat, si wiren ausgeheelt, brieche erëm op, maache Péng a féiren zum Siichtem.

An trotzdem denke mer haut wéi all Joëren zënter Krichsenn un all déi dausende Komerodinnen a Komeroden, déi am Krich hiert Liewen hu misse loossen, oder déi nom Krich a bis haut fréizäiteg gestuerwe sin.

Dat Engagement, dat mir agaangen sin, dat heescht, d'Undenken an d'Eierong vun den Doudegen aus eiser Generatioun, war a bleiwit eis hellechst Flicht. Haut nach méi as wéi vru Joeren solle, jo musse mir, déi lwwerliwend, am Gedenken u si derfir sueren, datt hier immenst Affer nët ëmsoss war. Nët doud as deen Ongeescht vun deemols. Däitlech bemierkbar mécht e sech am Neofaschismus an am Neonazismus.

Nee léif Meedercher a Jongen, ärt Blut as nët ëmsoss gefloss. Mir héiren äs Stëmme? Mir denken un iech, egal ob dir wäit fort a friemem Buedem leit oder hei heem am Graw. Äs Nimm, äs Biller sin äis nët vergiess oder sin an äis ausgelescht. Genee wéi zu allen Zäiten exécutiere mir ärt Vermiechtnes an dat esou laang et nach een Enrôlés de Force am Lëtzebuerger Ländche gët.

Et wir traureg, jo schummenswert, wann ons Journée commémotaive nationale keen Uloss méi wir, fir no baussen, fir an aller Öffentlechkeet ze weisen, wéi mir et mat eise Versprieche halen, wéi mir eis Flicht vis-à-vis vun eisen Doudegen erfüllen.

Duerfir triede mir den 11. September 1988 zum Gediechtnes un a siche no kéngt faulen Ausrieden fir äis derlaangschte ze zéien.

H.R.

Eisem Président Metty Scholer zur Erënnerung



Den 21. Juli huet de Metty äis fir ëmmer verlooss, hien den zënter 1956 d'Geschécker vun der Amicale vun den Tambower mat vill Takt a Versteesdemes geleet huet.

De Metty war Joergank 1922, also ee vu deene sacrificiéierte Joergäng, déi d'ganz Härt vun der preisescher Okkupatioun ze spire kruten. No senge Studien gouf hien dann och schon 1942 am Oktober an de «Reichsarbeitsdienst» agezoun an duerno direkt an déi verhaassten Uniform gestach fir gläich a Russland geschéckt ze gin.

Am Hirescht 1943 koum de Metty op Tambow. Hei huet hien, mat deenen einfachste Mëtelen eng Lëscht opgestalt vun alle Lëtzebuerger, déi am Lager Tambow passéiert woren oder nach do woren, esou wéi vun deenen, déi hirt Liewen gelooss hun, mam Geburtsdatum an den Geburtsuert. Dës Nidderschrëft as nach haut am «Musée de l'Histoire» zu Dikerech ze gesin.

Am November 1945, also 6 Méint nom Krich, gouf hien da matt dem Gros vun de Lëtzebuerger rapatriéiert.

Séng Plaatz op der MMRA als «Ingénieur Technicien» huet hien déi éischt Joren nom Krich do ganz an Usproch geholl.

Et sollt daueren bis an d'Joer 1956 wéi de Metty sech mat e puer Frënn vun Tambow zesumme gesat huet a mat der Kollaboratioun vun der démoléierter éischter Amicale vun den Tambower, déi schon haaptsächlech zu Déifferdeng bestanen huet, decidéiert gouw, dës Amicale op d'ganz Land ze erweideren. Et war dëst eng ganz schwéier Aufgab. Durecht d'ganz Land hu missen d'Adresse vun de Tambower erëmfond gin. Fir dës Aarbecht war dem Metty keng Stonn ze fréi a keng ze spéit, an ënner sengem Impuls sollt dann och déi éischt Versammlung ageruff gin am Jor 1957. Am Joer duerno war déi éischt statutaesch Réunioun.

Vun do un huet de Metty als gewielte Präsident eng Onmass vu Verhandlungematt de verschiddenen Instanzen geféiert fir d'Interesse vun séngen Tambower Kollegen ze verdeeden.

Wéi hien du gesouch datt mir mat eiser gerénger Mënzuel nët genuch erreeche konnten, huet hien alles drugesat, fir déi deemolech «Ligue ons Jongen» erëm vollstädech op d'Been ze kréien.

An där duerno gegrënnte «Fédération des Victimes du Nazime» wor de Metty Vizepräsident bis fir d'Lescht. Vun elo un huet sei Wierken nët nëmme den Tambower gegollen, awer allen «Enrôlés de Force».

Ënner sénger Initiative as dann, och nach no laange Joeren eis Rees op Tambow a Kirsanow, bei déi do hanne verstuërwe Komeroden zustaane kom. Et wor dem Metty leider nët mëi méiglech, fir heirunner deelzehuelen, eng schrecklech Krankheet hat hien erfaast a sollt hien och nët mëi lassloossen.

Wéi beléiwte eise Metty war, konnte mir op séngem leschte Wee gesinn. Eng Onmass vu sénge Frënn a Komeroden woren do, fir him Au revoir ze soen.

Sénger Fra, sénge Kanner an der ganzer Familjen drécke mir Tambower eist oprichtegt Bäileed aus.

Metty, mir verléiere mat dir e gudden Frënd an en onersetzleche President. Mir wärden a kënnen dech ni vergiessen.

G.J.

In Memoriam



Roger HEMMEN

Am 21.2.1988 verschied ganz unerwartet Roger HEMMEN im Alter von 61 Jahren, nachdem er zeitweilig an vielen Gebrechen zu leiden hatte, und sich in der Vergangenheit verschiedenen Operationen hatte unterziehen müssen.

Trotz seines labilen Gesundheitszustandes war Roger Hemmen ein gerngesehener Gesellschafter, der durch sein joviales Wesen und sein frohes Gemüt stets Optimismus und Lebensfreude ausstrahlte.

20 Jahre lang war Roger Hemmen Präsident der Steinseler Sektion der "Enrôlés de Force". Seinem nimmermüden Einsatz ist es vor allen Dingen zu verdanken, daß die Steinseler Zwangsrekrutierten auch heute noch, wie eh und jeh, in wahrer Kameradschaft fest zusammenstehen, wenn es gilt die Interessen der Zwangsrekrutierten zu wahren.

Ein jeder von uns ist zu ersetzen, doch Roger Hemmen hat bei den Steinseler Zwangsrekrutierten eine Lücke hinterlassen, die nur schwer zu schließen sein wird.

Möge die Erinnerung an ihn uns, den Hinterbliebenen, die Kraft und das Durchhaltevermögen geben unsere Kameradschaft zu hegen und zu pflegen, und das allen widrigen Umständen zum Trotz.

Ehre seinem Andenken.

Noruff

De STIRN'S Camille, eise gudden Komerod a langjéerege Président/Secrétaire an Trésorier as den 01.03.1988 onerwaart gestuerwen. Op sengem Begriefnes, e puer Dég duerno, war d'Bétebuerger Kirch ze kleng fir all déi Frënn a Bekannten opzehuelen, déi vun iwerall hirkomm waren fir hirem Frënd Camille "Addi" ze soen. De Camille war e geselléger Mënsch, ëmmer gutt opgeluegt an ëmmer fir déi aner do. Mir hun hén nët verluer, a mir kënnen nëmme soen, och wann d'Zäit vergët, d'Erënnerung un e gudden Kollég bleiw!

In Memoriam



Scharel Hoffmann

09.02.1920 — 19.06.1988

porteur du ruban en argent

Obschon mer all wëssen, datt mer enges Dags dës Welt verloosse mussen, as den Doud dach ëmmer e battere Schlag. Esou emfannen all déi et, déi deem jhust Verstuerwene no stongen, séng Famill, séng Komeroden a Frënn. Je besser een e Mënsch kannt huet, em esou gréisser as de Schmäerz, wann e vun enger Stonn zur anerer nët méi do as.

Eise Komerod Scharel huet äis elo fir ëmmer verlooss. Säin Doud huet e béist Lach an de Comité vun der Jonglënster Sectioun gerass. Vun Ufank un war hien derbäi. 28 laang Joer duurch huet hien all Freed a Leed matgedroen; war ëmmer an zu all Stonn derbäi, wann et gegollen huet sech fir d'Saach vun den Enrôlés de Force anzesetzen. Kéng Stonn war him ze fréi a kéng Stonn him ze spéit. Hie war e richtege Komerod op dien een ziele konnt.

Gebuer war de Scharel zu Bäerdref. Well hien am Joer 1920 op d'Welt komm war, huet hien zu deene Jonge gehéiert, déi vun de Preisen an den RAD verschleeft gi waren. Och huet hien zu déine jonke Lëtzebuerger gehéiert, déi an déi verhaasste Wehrmacht deportéiert goufen. Mä scho bei där éischter Geléenheet, déi sech dem Scharel gebueden hat, huet hien de Preisen äddi gesot a war verstoppt bis zum Dag vun der Libératioun.

Nom Krich huet de Scharel nees d'Schouschterhandwierk ergraff. Well d'Heemechtshaus zu Bäerdref total zerstéiert gi war, huet séng Famill sech zu Jonglënster établiert. Do gouf de Scharel mat dem Ketty Mersch bestoud a si béid hun hiert Liewe gemaach.

Eng laang Streck vu séngem Liewe war de Scharel mat sénge Komeroden Enrôlés de Force gaangen. Elo feelt hien hinnen un allen Ennen, ma ganz besonnesch am Comité vun der Sectioun.

Zesumme mat sénger Fra, sénge Kanner, der ganzer Famill trauere mir ëm e gudden Mënsch.

Scharel schloof a Fridden! Mir halen dän Undenken stéits a stänneg a lieweger Erënnerung.

s.n.

L'Amicale des Enrôlés de Force Section Schieren

a la profonde peine de faire part du décès de son camarade



René SCHAACK

à l'âge de 64 ans.

Membre du comité porteur du ruban en argent.

A sa famille en deuil, nous présentons nos condoléances émues.

Au revoir, René, tes camarades d'infortune ne t'oublieront pas.

Adieu!

Beteburg

Matdélong

d'Amicale vun den Enrôlés de Force Sektoun Betebuerg léisst heimat matdélen dat si de 19. Abrël eng Assemblée extraordinaire ôfgehalen huet fir en neie Comité ze wielen. Iwer 60 Mëmbere hate sech afond. Hei as d'Lëscht vum neie Comité:

- 1) Josy KIRPACH, président,
- 2) Henri GAASCH, secrétaire-trésorier,
- 3) Fernand ERPELDING, secrétaire adjoint,
- 4) Arthur COLLING, assesseur,
- 5) Armand DENTER, id.
- 6) René GUELFF, id.
- 7) Gaston HEINEN, id.
- 8) Henri KASS, id.
- 9) Paul SCHROEDER, id.

De neie Comité verspricht am Sënn vum verstuerwene Komerod a Président Camille STIRN weiderzefueren.

Il n'est jamais trop tard pour bien faire

Dem Néckel Kremer säi lescht Buch «Erënnerungen» huet munneche Stëps opgewierbelt. Déi eng huet dës, déi aner soss eng Geschicht opgerëselt. Esou kourm et, datt den Auteur vu ville Leit um Telephon contactéiert gouf, déi hie gefrot hun firwat näischt ënnerholl as gin, fir d'Famill Tompers vu Pärrel ze éiren, déi, well se ronn 20 Jonge gehollef hat sech an d'Belsch ofzesetzen, esou ureg vun de Preisen noéneegemach gi war. Den 33 Joer alen Emile Tompers, gouf den 10. August 1944 vun de Nazien zu Köln/Klingelpütz gekäppt.

Abbee, et as ni ze spéit, fir guttzemaachen. De Néckel Kremer huet e klängen Organisationscomité op d'Bee gesaat, dee sech drëm këmmert, fir datt um Haus Tompers zu Pärrel eng Erënnerungsplack ubruecht gët.

Et as eng Selbstverständlechkeet, datt mir als Organisatioun vun den Enrôlés de Force dobäi matthëllef an un der Aweihungsfeier deelhuefen. Déi eenzel Sectiounen si gebieden, staark Delegatiounen eventuell mat Fändel op Pärrel ze schécken.

D'Plaque dréit dësen Text:

A LA MEMOIRE DE NOTRE HERO NATIONAL EMILE TOMPERS

DECAPITE A COLOGNE LE 10 AOUT 1944

Si gëtt de 25 September 1988 zu Pärrel ageweht.

Hei de Programm vun där Feier:

16.45: Rassemblement vun de Veräiner mat de Fändele viirun der Kiirch.

17.00 Auer: Feierlech Mass an der Porkiirch fir all Krichsaffer aus der Geméng Pärrel. Gläich no der Mass gin ënner de Kläng vun der Sonnerie aux Morts Blumme viirum Monument niddergeluecht. Dureno forméiert sech de Cortège fir a Richtung Haus Tompers ze goën.

Nom Discours vun engem Verrieder aus der Resistenz gët d'Plack vun der Madame Emile Tompers a vum Jhemp Tompers dévoiléiert a vum Här Paschtouer agaseent. Et gi Blummen niddergeluecht a d'Musek spillt d'Heemecht. Als Ofschloss vun dëser Feier offréiert d'Geméng am Centre Culturel den Éirewäin.

L'Amicale Albert Ungeheuer

nous prie d'annoncer qu'elle organise en collaboration avec l'agence de voyage INTOURIST un voyage de 8 jours à Volgograd (Stalingrad).

● Ce voyage s'effectuera par vol d'Aréoflot via Moscou avec départ à l'aéroport Findel le 24 septembre 1988. Le retour est fixé au 1er octobre 1988. Le prix par personne en chambre double s'élève à 31.850 francs.

Tous ceux qui s'intéressent à ce voyage voudront s'adresser à M. Aimé KNEPPER, tél.: 44 08 70 ou à M. Ernest Deutsch, tél.: 43 31 68 qui leur fourniront tous les renseignements voulus.

Conveniat

PINNE & JANNOWITZ

Samschdeg, den 01. Oktober 1988

10.00 Auer: Rassemblement zu Uespelt beim Kiirfecht.

10.30 Auer: Nidderlée vun enger Gerbe beim Monument aux Morts.

11.00: De Komerod Georges Gevigné hält eng Mass fir all Doudeg a Liewend vun der Amicale.

12.00 Auer: Empfang op der Geméng.

13.00 Auer: Mëttegiessen am Restaurant de la Frontière (Diederich) zu Fréiséng.)

15.00 Auer: Départ mam Privatauto op Vekering. Visite vom Fort Hackenberg, eent vun deene bedeitenste Wierker vun der Maginot-Ligne.

Un dëser Visite kënnen och aner Enrôlés sech bedeelegen. Si solle mat hirem Privatauto viru 15.00 Auer zu Fréiséng sin, fir sech do unzeschlëssen.

Wichtig: Jidderee soll e puer fester Schong, eng waarm Jacqueline an e Schal bei sech hun.

Beutegermane — Beutedeutsche wat bedeit dat?

An der Lëtzebuurger Literatur iwert de läsche Krich fënd een oft de Befrëff: **Beutegermane** oder **Beutedeutsche**. Dëst betrëfft hauptsächlech Bicher iwert d'Zwangsrekrutéiert, mä ët as och méiglech dat déi Bezeechnung och fir aner Lëtzebuurger gebraucht gët, z.B. fir Leit déi ëmgesiidelte an Arbechtslagere waren, an och nach fir anerer.

Aus Lëtzebuurger Siicht soll den Ausdrock soën, dat mir «erbeutet» goufen, datt mir eng «Beute» vun den Nazien waren. An deem Sënn gët ët och vum André Hohengarten gebraucht an der offizieller Brochür «Lëtzebuerg 40 Joër fräi», Editeur: Kulturministère.

Mir erlaben äis drop opmierksam ze maachen, datt an der däitscher Krichsliteratur an vun däitschen Historiker (fir nömme een ze nennen: Kurt ZENTNER: Illustrierte Geschichte des Zweiten Weltkrieges.) den Ausdrock «Beutegermane-Beutedeutsche» e ganz anere Sënn huet. Si nenne nämlech déi auslännesch FRAIWELLECH esou, besonnesch z.B. ganz Divisiounen franséisch, belge, hollännesch, norwegesch, dänesch am ostlännesch FRAIWELLECH Beutegermanen; oder nach Volléksdäitscher. (Ganz oft och nach SS-Divisiounen).

Mir waren jo awer ni Volléksdäitscher, an och keng Fraiwëlleg. (Bis op er puer Ausnamen).

Et muss een also ganz gutt oppassen, datt spéider Geschichtsfuerscher, besonnesch och aus Deutschland an aus dem Ausland, kéng falsch Meenung kréien, wëll si sech jo dann nët méi op lieweg Zeie beruffe kënnen, mä nëmme op déi geschriwwe Literatur. An da gët dat Wuert mat zwou diametral entgéint gesater Bedeitung an een Dëppe geheit, an dat vun den internationalen Historiker, déi eis Lëtzebuurger Versioun guer nët kënnen.

Fir dat ze verhënnere, missten d'Regierung an aner Institutiounen periodesch an der Press op dëse Fait opmierksam maachen. Och sollten d'Lektore vun eisen Editiounsheiser déi Autoren informéieren, déi den Ausdrock gebrauchen.

Eiser Meenung no sollten och eis jonk Historiker a Geschichtsproufesseren op dee genannte Fait higewise gin.

Et sollte sech verschidden offiziell Leit de Kap zerbréchen, wéi deem lwwel kënt opgeholf gin.

An ët wiër bestëmmt och néideg fir offiziell an Däitschland op deene richtege Plazen nozefroen, wéi de Begrëff «Beutegermanen» an Deutschland ze verstoen as.

Dëse klänge Begrëff, dëst klängt Wuert as ëmstann fir eiser Generatioun grouse Schued ze maachen op moralescher Säit. Well mir ware ni Preisen am Krich, a mir wëllen och spéider nët derzou gemat gin.

Mir hoffen gären, datt all déi kompetent Leit sech dëser Saach mat Härz unhuefen an de Begrëff klären. Amicale Pinne & Janowitz

Den Abbé Georges Gevigné as Doumhär gin!

Léiwe Georges,

Et wor fir äis eng grouss an opriichteg Freed wéi mir héieren hun, datt den Här Erzbëschof Jean Hengen Dech den 02. Mee 1988 als KAPITULAR an den Doumkapitel beruff huet.

Du bas domat an der Lëtzebuurger Geeschlechterhiërarchie op éng vun den hécksten Träpplécke geklomm, a mir si richtig houfrech op Dech.

Däin onermiddlechen Asaaz am Dëngscht vun der Kiirch, Deng grouss Kenntnësser an Däin onbestreitbare Fläiss hun esou op héckster Plaz Unerkennung fond.

Mir wënschen Dir vun Härze vill Zefriddenheet an e glécklecht a laangt Wierken an Denger schéiner, neier Missioun an der Lëtzebuurger Kiirch an zum Gudden vun all Denge Matmënschen.

Deng Pinner a Jannowitz Frënn.

D'Fédératioun vun den Zwangsrekrutéierten schlësst sech dëse Wënsch gären un grad esou wéi all d'Zwangsrekrutéiert an hir Familjen.



Junglinster

Cultiver l'amitié et la camaraderie entre les membres de l'amicale et en outre avec les autres sections des enrôlés de force du pays est une des tâches élémentaires de son comité. A cette fin on organise, entre autre, annuellement une excursion. Et cela est déjà devenu tradition. Le 11 juin 1987 c'était un tour dans l'„Oesling", partie de notre pays, ô combien pittoresque! A Bavière, au Restaurant „Auberge du Lac" (pho-



Fidèle à sa tradition, l'amicale des enrôlés de force Junglinster et environs se rendit en excursion le 1er juin 1988. Pour une fois on était tombé d'accord pour faire un voyage plus étendu. De bonne heure on partit pour visiter une partie du "Parc régional de Lorraine". Après avoir parcouru la région rurale située entre Aumetz et St. Benoît-en-Woëvre on allait s'arrêter aux berges du Lac de Madine. Une site estival de toute beauté. Il s'agit de la retenue de Nonsard-Pannes dont la mise en eau ne s'acheva qu'en 1979, — un plan d'eau de 1.100 hectares.

Le déjeuner fut servi au Restaurant du Lac de Madine à Heudicourt. C'est dans un cadre rural magnifiquement aménagé que M. et Mme Jean Drapier sortirent de leur cuisine un menu qui trouva l'approbation élogieuse de tous les convives. Ensuite, ce fut la visite de la Butte de Montsec. (Et elle était sec, pour une fois!) Au

to ci-dessus), M. et Mme Gremling-Karrier et leur personnel satisfaisaient à tout égard les exigences culinaires des estivants. Au cours de l'après-midi ce fut une visite prolongée du Musée de l'Histoire de la ville de Diekirch qui ne manqua pas de susciter l'admiration de tout le monde. Ce n'était que tard dans la soirée et après une agape servie au Restaurant Parmenier à Junglinster que l'on se quitta mais non sans avoir pris l'engagement d'être de la partie l'année prochaine.

sommet d'une colline isolée (alt. 375 m.) les Américains ont élevé un monument pour commémorer l'offensive du 12 au 16 septembre 1918. La 1ière Armée américaine réussit à réduire le saillant de St-Mihiel et à faire 15.000 prisonniers allemands. Du haut de ce majestueux mémorial, on découvre un panorama pittoresque, entre autre: une vue plongeante sur le lac de Madine.

Après une arrêt à Nancy, Place Stanislas (trop court, hélas!) l'autobus ramena le groupe (fixé sur pellicule ci-dessus) à Junglinster où il arriva tout juste à 20 hrs, les participants quelque peu fatigués, mais sains et saufs, pour prendre l'agape servie au Restaurant Parmenier. Après quelques heures passées dans une ambiance amicale on se disait au revoir jusqu'à la prochaine fois, même occasion.

s.n.



Promenade surprise

Sie fand dieses Jahr in Düdelingen am Sonntag, den 19. Juni 1988 statt.

„Surprise!" Eine Überraschung war die Fußtour diesmal in jeder Hinsicht, denn - - - es regnete nicht; zum Fußmarsch war die Temperatur direkt angenehm; die offiziell mit knapp 5 Kilometer angegebene Strecke war nur wenige Meter kürzer als 7 Km, war aber sehr gut zu begehen. Musterhaft war ebenfalls die Organisation. Wenn auch die im Reglement vorgesehene Ankunftszeit „bis 17.30 Auer dee selwechten Dag" unmöglich eingehalten werden konnte, tat dies der Sache keinen Abbruch. Im Gegenteil! Man war eben etwas länger beisammen als vorher geplant.

Und der Düdelinger Kameradinnen und Kameraden große Mühen wurden letztendlich von überragendem Erfolg gekrönt. An „ihrem"

„Tréppeltour" nahmen immerhin 42 einzelne Gruppen teil, insgesamt 208 Personen aller Altersklassen.

Der Abmarsch begann auf dem Gelände des Lycée Technique Nic. Biever, nachdem die obligate Startkontrolle passiert worden war und man entsprechende Dokumentation und Fragebogen erhalten hatte.

Auf dem ersten Kontrollpunkt beim Kiosk ging es gleich ganz lustig zu. Jede Gruppe passierte an einem Stand, wo eine im Voraus bestimmte Person der Gruppe innerhalb zwei Minuten sechs verschiedene Marmeladensorten zu bestimmen hatte. Was den wenigsten leicht viel, brachte die meisten zur Verzweiflung (bildlich gesehen). Immerhin sorgte auf dem Weg durch den Busch im „Woulkeschdall" die „Gebeeskacherei" für viel Gesprächsstoff, der dann



Hei gong et un. All Grupp huet missen viirun dëse sechs schéine Leit passéieren a gouf énnen d'Lupp geholl — streng ma gerecht — éier e sech op den Tréppenpad gemaach huet.



Gebees!? – Gediirt dir Dammen, esou einfach as dat do nêt gewiescht! „Ech hun a méngem Liewe schon esou vill Gebees gekacht, mä wat dat do elo as, dat maach der Deiwécker wëssen!”



auf dem Weg durch die Mayrisch- und Zouftgenstraße abflaute.

Viel Gaudi gab es dann nochmals am zweiten Kontrollpunkt, im Wald hinter dem kleinen Zollgebäude. (Siehe Bild).

Am dritten Kontrollpunkt „beim Kräiz“ wurde jeder Gruppe „eng Knätzel Plastik“ präsentiert. Daraus mußte innerhalb kürzester Zeitfrist der längst mögliche Wurm gerollt werden. Je nach erreichter Zentimeterlänge wurde gepunktet.

Danach ging es dann durch die F. Schumacher-, die E. Ludwig- und die M. Rodangestraße zurück zu den Gebäulichkeiten des Lycée Technique Nic. Bieber, allwo man sichtlich ermüdet anlangte, aber dennoch erfreut, das aufgetragene Pensum erledigt zu haben. Der recht geräumige Festsaal des Lycée Technique war nach der Ankunft der letzten Gruppe (es waren das unsere Useldinger Kameraden) prall gefüllt. Das Warten auf die Preisverkündigung und -verteilung verschlug man sich durch Aufstocken mit Eß- und Trinkbarem, wofür eine recht emsige Schar von weiblichen und männlichen Geister sorgte. Und es wäre ein offenes Geheimnis verraten, wenn wir eingestehen, daß etwas ausge dehnte Rast vor der Heimfahrt den alten Knochen recht gut tat.



Meis sin eng Plo, an zemol am Haus. Déi fänkt ee fir gewéinlech mat Faalen. Mä zu Diddeléng kommen se op déi ausgefaalen Iddi, d'Meis mat engem hölzernen Hummer futti ze schloen. Dat erfuerdert eng ongeheier Geschécklecheet. Nu je Madam, da schlot déi hölze Meis'chen schéin op de Kapp, fir datt der e puer Péinktelcher op d'Lee krit!

Im Wettlauf um den Gewinn des „challenge de la Fédération des enrôlés de force“ lagen schlußendlich dann doch noch drei Gruppen punktmäßig gleich auf. Es waren das die Gruppen Sassenheim I, und II, sowie eine Gruppe der „Amicale Pinne-Janowitz“.

Durch Beantworten einer „quocklecher“ Zusatzfrage gelang es den „Pinne-Janowitz“ den Challenge, die Nationaltrophäe zu gewinnen. Deren Präsident Roger Vallenthini engagierte sich, die nächste „promenade surprise“ im Jahr 1989 zu organisieren.

Den ersten Preis errang eine Gruppe der Junglister Sektion. Es ist das ein prächtiger Pokal, gestiftet von der Gemeindeverwaltung Düdelingen. Dazu gehörten etliche Flaschen süffigen Moselweines um den Pokal gebührend einzuweihen und den Sieg zu begießen.

Weitere 40 schöne Preise, gestiftet von Düdelinger Industriebetrieben und Geschäftsleuten gingen an die übrigen Gruppen. Abschließend sei von dieser Stelle aus allen recht herzlich gedankt, die auf irgendeine Weise dazu beigetragen haben, wie übrigens auch all den vielen aus Nah und Fern nach Düdelingen gekommenen Teilnehmern, daß die „promenade surprise des enrôlés de force 1988“ im „Centre touristique et commercial“ des Minetts zum überwältigendem Erfolg wurde.


s.n.



Mat gläich dräi Generatioune war e Grupp vun der Jonglister Sektioon ugetrueden fir sech den 1te Präis, d'Coupe ze eruwweren, déi d'Geméng Diddeléng offréiert hat. E Bravo fir d'Famill Bausch.



Oho! Do hu mer en, dee Challenge vun der Fédération. A kerdjéfft! E gët ëmmer méi schwéier! 8 Hänn fir e bei der Präsentation einegermoosse riicht ze halen, schéngt de Nationalpresident Jos. Weirich amuséiert ze denken.



Nach Eemol Hinzert

2e. Pèlerinage vun der Amicale "Ons Jongen", Dikrich

Op d'Dränge vun eenzelne Mëmbere, déi d'letzten Jar nët derbei konnte sën, op dat grusst Interessi vun deenen hin, déi eng zweete Kéier wollte matmaachen, huet eis Amicale och dëst Jar neess op eisen Nationalfeierdag e Pèlerinage op Hinzert organiséiert. Mat en etliche Frënn a Kollege vun eiser nopischsektioun Schieren ware mir alt rëm zou eiser 30, déi ënnert der Leedung vum Generalsekretär vun der Amicale Hinzert, dem Josy Schmitz déi Gedenkplaaze besicht hun, wou souvill Lëtzebuerger fir eis Heemecht gelidden hun an higeriicht se gin.

Dës Kéier hu mir an der Kapell ugefaangen, wou den Här Schmitz eis déi niddig Erklärunge gin huet. Dee Raum huet sech ideal duerzou gëgent, d'Wuert z'ergreifen, watt dun och de Porte-parole vun eiser Amicale gemaach huet a folgendes gesot huet:

Léif Frënn!

Bei der Aweiung vun der Statue vun der Consolatrix Hinzert huet deen deemoligen Unterrichtsminister Pierre Frieden ënnert anerem folgend Wierder gesot:

La Ligue des Prisonniers et Déportés Politiques a voulu qu'une statue de la Ste Vierge soit installée aux abords du camp de Hinzert — elle veut signifier que le dernier mot de la lugubre et effroyable histoire de ce camp d'infamie et de terreur doit être un mot de

sagesse et d'humanité. Les bourreaux ont fui ou ont expié. La Vierge demeure et élève son sceptre et répand son sourire de bonté sur les ruines et la défaite du Mal. Que ce soit plus qu'un symbole et un vœu, que ce soit une réalité et un gage d'avenir!

't as nët ëmssoss, datt ech déi Wierder an Erënnerung ruffen. „Plus qu'un symbole, une réalité“, seet den Här Frieden. D'Realitéit as, datt eis Generatioun d'Victimes waren vun enger rechts extremistischer Muecht, dem Nazismus. D'Realitéit as agemeeselt an deem Steen hei zu Hinzert, deen d'Nimm dréit vun deene Lëtzebuerger, déi hiir letzt Drëps Blut hergin hun, well se de Système, deen d'Naziën hinnen opdränge wollten, nët akzeptéiert hun.

Dee „Gage d'avenir“, vun deem den Här Frieden schwätzt, muss dat nët eist Versprieche sen, datt mir dat faschistigt Gedankegutt ni akzeptéieren, och wann et agekleet as an de Mantel vun enger "Nationaler Bewegung"? Nationalsozialismus "front national", National Bewegung, souguer an den Ausdréck gläiche se sech.

Scho virun 8 Jar huet eis Dikricher Amicale an hirem Buch iwwer de Calvaire vun den Zwangsrekrutierten virun där Evoluitioun gewarnt. Do steet ganz klar an deitlech:

Refoulé, le fascisme (sous ses formes les plus insidieuses) n'en est pas moins existant. Oublié, mais pas moribond. Une de ses composantes fondamentales, la peur de l'inconnu, de l'étranger, reste omniprésente. Juifs, Noirs, "main d'oeuvre" étrangère, autant de métèques qu'Hitler exterminait et qu'on continue à exécuter. Plus besoin de torturer! Tout est tellement plus sophistiqué aujourd'hui. Comme on refoule le passé qui dérange, il suffit de refouler les



immigrées qui ne servent plus. On n'appelle plus cela déportation, mais est-ce tellement différent?

Wa mir hett dat faschisticht Gedankegutt akzeptéieren, gi mir Verréider un deenen, déi hei zu Hinzert hiirt Liewen higin hun fir ganz aner Wäerter: Fraternitéit, Toleranz, Generositéit, Fräiheet an Heemechtsléif, mais nët fir ee blanne, fanatischen, inhumanen Nationalismus.

A wann eis Fédératioun vun den Enrôlés nach hett eng Missioun z'erfëllen huet, wann si sech viru wëlt asetze fir d'Undenke vun eise Märtyrer aus K.Z. an Déportatioun héich ze halen an eis gefalen a verstuerwe Komeroden ze eieren, wann si et nët erlaben, datt un där Réalitéit rëmmoduléiert gët, dann duerf se déi traurig Helden nët ënnerstëtzen, déi do behaupten, den Nazismus hätt och séng gutt Säite gehat, an déi dann déi Idië verwiirkliche wëllen.

Mäi loss mer ofschléissend an dëser Feiertonn eis iwwer déi infam Spekulationen ewegsetzen, an hei virun der Consolatrix Hinzert, engem Wierk vum fréieren Häftling Lucien Wercollier, dat déif emfont Gedicht op eis awiirke lossen, dat ee jonkt Meedche séngem Freier, deen hei Prisonnéier war, gewidmet huet:

Wëis du nach op der Ierd bass gaangen, du hues de Leed a Suerge kant.

An dëngem Hierz hu siewe Schwierter hiirt bluddegt Zeechen agebrannt.

Du weess, wat d'Mënschenhierz muss leiden, wann et vun Angscht a Baange voll;

du weess, wéi ee sech fillt verloosse, wann se dat Léift ons hu geholl.

Mein eenz'gen Trouscht, deen as bei Dir, gutt Mamm am Himmel, hëllef mir!

Kuck, deen ech gär hu, leit a Ketten, en huet keen Onrecht dach gedun!

Ma Ongezielter musse bëssen, well si hir Heemecht gären hun.

Bei Mënschen as kee Recht ze fanne, ech weess keen Auswee a kee Rot —

A wann ech nët méng Hänn kënt falen, wär ech schons dausendmol verzoot.

Meng eenzeg Rettong as bei Dir, Gutt Mamm am Himmel, hëllef mir!

Dem Här sei Wëlle soll geschéiën, wann ech en och nët ka verstun!

Ma wann et méiglech, Mamm am Himmel, da looss dat Kräiz veriwuer gon!

Gëff deene Kraaft, déi leide mussen, stéi hinne bei an Aangsch an Nout,

a schéck äis alleguer nees d'Fräiheet, déi ons méi léif wéi d'deeglecht Brout.

Ech hun e blannt Vertrauen zou Dir, Du Mamm am Himmel hëllef mir!

Duerno gouf dat Lidd ugestëmmt, dat mir am Krich an de Kiirche wéi eis Nationalhymn gesong hun, nämlech: Léif Mamm, ech weess et nët ze son.

A wéi an deen andächtege Dammengesank sech déi kräftig Männerstëmme gemésch huet: „A seen, a seen eist d'Lëtzebuerger Land. . . .“ do war keen derbei, deen nët ergraff war.

Ergraff ware mir och, wéi virun dem grusse Steekräiz um Kiirficht Blummen néiergeluegt goufen, a mir mat Andacht eis Nationalhymn gesongen hun.

Ergraff ware mir, wéi mir am Bësch virum Massegraf stuungen, wou déi ënnergeschäart gi waren, déi fir äis gestreikt haten an doduurch an den Dout gaange waren.



Ergraff ware mir, wéi mir virugetrëppelt sen an op déi Plaz koumen, wou de 25. Februar 1944 23 Lëtzebuerger Resistenzler higeriicht gi waren. Den Här Schmitz huet aus sénger perséinlecher Erënnerong raus mat pakende Wieder munch onbekannt Détailler iwwer déi onmënschlich Episod matgedeelt, Wiirder, déi äis all déif beandrockt hun.

Mir haten et schons d'letz Jar gespuert: Op déi Manéier den Nationalfeierdag begoën, as fir äis Enrôlés een onvergiesslicht Erliewnis, a mir hun eis virgeholl, dat nächst Jar, wa Gott wëllt, rëm dobei ze sin.

Amicale
Ons Jongen
Dikirch



Emouvantes cérémonies franco-luxembourgeoises à Russange

L'Amicale Albert Ungeheuer / Les Anciens des Ancizes avait pris l'initiative — sous les Auspices de la Municipalité de Russange — d'apposer une plaque sur le monument "La Brèche du Passer", en souvenir de Mich. Gaspard qui, pendant la dernière guerre mondiale, avait servi de passeur à des dizaines de Luxembourgeois réfractaires, déserteurs de la Wehrmacht ou résistants.

Après une messe solennelle célébrée avec le concours de la chorale paroissiale, un imposant

cortège se forma pour se rendre d'abord au monument aux Morts, ensuite devant la stèle "La Brèche du Passer",

Le cortège comprenait:

- le corps des sapeurs-pompiers de Russange;
- la fanfare "La Lyre";
- la gendarmerie nationale;
- les porte-drapeaux de 20 associations

dont

- l'Union Nationale des Evadés de Guerre et Passeurs;
- l'Association de la Légion d'Honneur;
- les Médailleurs de la Résistance; l'Assoc. des Déportés d'Audun-le-Tiche;
- les Médailleurs Militaires de Hayange;
- les Anciens Combattants et Prisonniers de Guerre;
- les Combattants de l'Union Française;
- les sociétés locales de Russange et des environs, ainsi que les associations luxembourgeoises suivantes:
- l'Amicale des Anciens de Natzweiler/Struthof;
- l'Union Nationale des Passeurs et Filialistes Luxembourgeois;
- l'Association des Anciens Combattants Luxembourgeois de la Guerre 1939-1945 et des Forces des Nations Unies;
- l'Association des Croix de Guerre Françaises, section Luxembourg;
- l'Amicale des Anciens de Hinzert;
- la Fédération Nationale des Combattants interalliés;
- l'Association des Combattants volontaires lux. de la Résistance française;
- l'Association "Le Réveil de la Résistance";
- la Fédération des Victimes du Nazisme, enrôlées de force;
- la section des Enrôlés de Force d'Esch-sur-Alzette;
- la section des Enrôlés de Force de Pétange;
- l'Amicale Albert Ungeheuer / Les Anciens des Ancizes.

Des discours furent prononcés par M. le Maire de Russange qui parla de la signification des cérémonies du souvenir, par M. Aimé Knepper, Président de l'Amicale Ungeheuer qui retraça le calvaire et l'assassinat de Mich. Gaspard et de ses compagnons d'infortune français et luxembourgeois dont Albert Ungeheuer, et par M. Robert Krieps qui, au nom du Gouvernement luxembourgeois, évoqua le choix des résistants qui avaient placé la dignité humaine et la liberté au-delà des intérêts personnels. Remarquons que Robert Krieps était prisonnier au camp de concentration de Natzweiler/Struthof, où eurent lieu les exécutions de Mich. Gaspard et de ses camarades.

Des fleurs furent déposées

- par la Municipalité de Russange;
- par l'Union Nationale des Evadés de Guerre et Passeurs (France);

— par L'Amicale des Anciens de Natzweiler/Struthof;

— par l'Association des Anciens Combattants Luxembourgeois;

— par l'Amicale Albert Ungeheuer.

Johny Schmidt, clairon national de la Résistance interpréta magistralement le Chant des Partisans, le Chant du Marais, la Marseillaise, la Heemecht et la Sonnerie aux Morts.

Relevons encore la présence du Consul de France, du Conseiller Général, de l'ancien Ministre Emile Krieps, des maires des communes avoisinantes. Un vin d'honneur clôtura la belle cérémonie.

D'Amicale RAD Brahnau-Bromberg.

invitéiert och dëst Joer nees all Komeroden mat hire Familjen op de Konveniat 1988 zu Betebuerg an zwar Sonndes, den 11ten September.

Mir erwaarde ganz besonnesch och d'Familjen vun onse verstuerwene Komeroden op dësem Frëndschafsdag.

De Comité huet dëse Programm virgesinn.

1. Mir begéinen äis vun halwer 10 Auer un beim «Monument aux Morts» op der Mondorfer Strooss (bei der Bréck iwer d'Eisebunn). Em 1/4 vir 10 Auer lée mir do eng Gerbe néier.

2. Dono gi mir an d'Kiirch, wou den Här Dechen Camille MINETTE äis em 1/4 op 10 eng Erënnerungsmass hält fir déi verstuerwen a liewend Branbauer an hir Familjen.

No der Mass lée mir da Blumme néier an enger Säfte-Kapell vun der Kiirch virun der Erënnerungsplack vun den «Enrôlés de Force».

3. Em halwer 12 as offiziellen Ęmfank duerch d'Gemengenautoritéiten. Mir gi begréist duerch den Buergermeeschter, den Här Lucien LUX. Mat senge Schäfteffen invitéiert hien äis op den Eierewäin.

4. Em halwer 1 gi mir dann um Mëttesdësch erwaart am «Restaurant «Auberge du Parc» op der Mondorfer Strooss no 39 (vis-à-vis vum «Monument aux Morts»).

De Präis vum Menu mat den Onkäschten: 850 Frang. D'Gedrenks iwer Dësch as nët mat abegräff.

Umelden

Meld lech w.e.g. un duerch lwwerwise vum Präis op de Postscheck-Nummer 205 38-71 vum Komerod Jos PLUMER 334, Neiduerfer Stroos, L-2222 Lëtzebuerg, Téléfon 435322.

Leschten Termäin fir d'Umellen as den 5ten September.

Mir zielen drop, dass Dir esou dacks wéi soss déi Joeren och dës Kéier rëm derbäi sitt.

De Comité.

De selwechten Dag as och d'Journée Commémorative Nationale vun den Enrôlés de Force.

Kommuniké

der «Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force
anlässlich des Staatsbesuches von Bundespräsident Herr Richard von Weizsäcker

Die Erinnerung an das Schreckbild, welches Ungerechtigkeit und Leiden während der deutschen Okkupationszeit von 1940 bis 1944 zeichneten, kann nicht aus dem Gedächtnis derer gelöscht werden, die sie ertragen mußten. Daß die so Gezeichneten an der Ehrlichkeit und der Aufrichtigkeit der Erben und Nachfolger des III. Reiches Zweifel hegen, darf nicht wunden, denn alle Beteuerungen des Bedauerns einst Geschehenem, welche von höchster Warte der Bundesrepublik Deutschland bislang abgegeben wurden, waren nur Lippenbekenntnisse ohne greifbaren oder historischen Wert. Bis dato unterblieb expressis verbis ein «mea culpa» seitens der Deutschen, womit ausdrücklich das Kriegsverbrechen anerkannt würde, welches unterm Naziregime an den Angehörigen von sieben Jahrgängen luxemburgischer Staatsbürger begangen wurde.

Die geopfert Generation warnt vor einer Nation, die es nicht fertigbringt, ihre Vergangenheit zu bewältigen. Auch kann kein Staatsbesuch über Weigerung und Unterlassung hinwegtäuschen.

Aus diesen Gründen können die Zwangsrekrutierten nicht an den offiziellen Veranstaltungen bei Gelegenheit des bundesdeutschen Staatsbesuches in Luxemburg teilnehmen, insbesondere keine Teilnahme an der Zeremonie vor dem Denkmal der nationalen Solidarität, an jenem hehren Ort, wo der vom Naziregime Gemordeten gedacht wird, denen seitens der Bundesrepublik Deutschland die Anerkennung als Naziopfer verweigert wird.

Wiedersehensfeier der «Komerode vun Hammer» in Walferdingen



Bereits zum 16. Male nach dem Kriegsende trafen sich in Walferdingen die „Komerode vun Hammer“ zum Gedenken an die gefallenen, vermißten und in der Heimat verstorbenen Kameraden.

Diese besinnliche Feier begann mit einer Danksgivingssmesse in der dortigen Pfarrkirche. In seiner Homolie wies Pfarrer Pierre Hau auf die Bedeutung dieses Tages hin. Er bat alle Anwesenden, besonders ihren gefallenen Kameraden durch ein stilles Gebet zu gedenken.

Nach dem Gottesdienst legten im Namen aller, die beiden Kollegen Marcel Wey und Nicolas Urth einen Kranz beim „Gefallenen Denkmal“ nieder, während dem der Militärmusiker Josy Scholtes die „Sonnerie aux Morts“ interpretierte.

Bevor das Mittagmahl im „Café-Restaurant Cam-pill“ aufgetragen wurde, fand ein Empfang in der Gemeindeverwaltung statt. Willy Welsch begrüßte in seiner Ansprache Bürgermeister Erna Hennicot-Schoepges sowie Mitglieder des Schöffen- und Ge-

meinderates und dankte ihnen für diese Aufmerksamkeit. In seiner Ansprache wies er auf die erlittenen Entbehrungen hin, welche die Jugendlichen in diesen Kriegsjahren erlitten. Besonders aber strich er hervor, daß alle Zurückgekehrten irgendwie an Leib und Seele Schaden gelitten haben. Daß die alten „Komeroden vun Hammer“ sich alljährlich treffen, sei der sichtbare Beweis der Festigkeit der in schweren Zeiten geschmiedete Freundschaft. Sodann dankte er „Wey Marcel“ für die tadellose Organisation, währenddem Herr Jim Scholtes, der Bürgermeisterin, sowie dem Organisator eine «Plaque» als Andenken überreichte. Bürgermeisterin Hennicot-Schoepges dankte den „Komeroden vun Hammer“ dafür, weil sie Walferdingen zu ihrer traditionellen Wiedersehensfeier wählten. Besonders hervor strich sie die vielsagende Bezeichnung „Komerode vun Hammer“ hervor. Rednerin war davon überzeugt, daß genau wie in den schweren Zeiten, die luxemburgischen Zwangsrekrutierten als „Komeroden“ zusammen halten sollten, um das gemeinsame Ziel zu erreichen. KA.

Enôlés de Force Walferdange

Samedi le 19 mars, l'Amicale des Enrôlés de Force, Walferdange, fêtait sa 26e „Journée Commémorative Locale avec Assemblée Générale“ au Centre Prince Henri.

Pour débiter l'Assemblée, le Président Pit Halsdorf souhaila la bienvenue à l'assistance nombreuse et donna la parole au secrétaire Jean Henzig qui présenta le rapport d'activité. Il rappela encore une fois les festivités du 25e anniversaire de la Section l'année dernière où une plaquette de souvenir fut remise à la Commune et à tous les membres. La bonne entente du comité est à souligner, de même que la camaraderie des 105 membres actifs, dont 75% participent régulièrement aux manifestations soit patriotiques, mondaines et religieuses organisées au courant de l'année. Un nombre flatteur de 91 membres s'était donné rendez-vous ce 19 mars.

Le secrétaire rappela les noms des 4 membres décédés depuis la dernière assemblée générale: Jean Schimberg, Arsène Damit, Emile Gehlen, Albert Loscheider. Il honora également le défunt Roger Hemmen, président de la section voisine de Steinsel, avec laquelle les relations sont excellentes.

En relevant la collaboration avec le comité central pour toutes manifestations se déroulant au courant de l'année, qui pour la plus grande part sont maintenant publiées dans l'Agenda du „SACRIFIÉ“, il fit appel à l'assistance d'être comme „Enrôlés“ solidaires, serrer les rangs comme par le passé et défendre les droits et intérêts des victimes du nazisme.

En ce qui concerne l'activité de l'amicale, il commenta le succès croissant auprès des membres pour les footings, rencontres amicales et surtout l'excursion annuelle à l'étranger.

Une projection récente de diapos sur le séjour en Suisse (Coire) avait grand succès aussi bien auprès des participants que non-participants.

Après le programme d'avenir, le secrétaire informa également l'assemblée sur la prise de contact de notre section avec le nouveau conseil échevinal en vue d'une bonne collaboration. Madame le bourgmestre Hennicot-Schoepges, ensemble avec les deux échevins, acceptèrent nos humbles propositions concernant le monument aux morts et la dénomination d'une place ou rue „Jeunesse Sacrifiée“. Le dépôt d'un registre commémoratif des Enrôlés de Walferdange fut suggéré.

Le trésorier Norbert Colling présenta la situation financière saine et remarquable comme les années précédentes. Les reviseurs de caisse Arthur Steil et J.P. Elsen lui donnaient décharge par écrit. Ils furent retenus pour l'année à venir. La cotisation 88/89 reste inchangée.

Suivant statuts, cette année pas d'élections pour le comité. Il se compose comme suit: Pit Halsdorf, président, Mich. Schmitz, vice-président, Jean Henzig, secrétaire, Norbert Colling, trésorier, Léon Brisbois, porte-drapeau, Berthy Jungbluth, Robert Huss, Nic. Linden, Camille Tescher, membres.

L'assemblée fut suivie d'une messe solennelle célébrée par le camarade l'abbé Nic. Rausch et embellie par la Chorale Ste Cécile.

Après le dépôt de fleurs avec sonnerie aux morts, les membres se réunirent au hall du Centre Prince Henri pour l'apéritif suivi d'un buffet froid, servi dans la salle de fêtes.

On honora pendant cette rencontre le camarade Léon Brisbois, porte-drapeau depuis 15 ans.

La soirée, avec tombola géante, se termina par des échanges de vues dans l'espoir que l'amicale puisse fonctionner encore pendant de longues années dans l'intérêt de ses membres.

J.H.

E Bam am Wee

— Et bleiwt dem Härgott iwerlooss op hie gläich no engem mënschleche Feler wëllt agräifen. Den Himmel ka laang stomm sin. Well onvollkomme Séilen zillen a sech selwer e Som, den d'Strof eng Kéier wuessen deet. Jo, Frënn, meng keen dëse Saz wär vu mir. Den Här huet en deslächst an enger Priedégt op eis lasgelooss.

Zenterhir muss ech dacks drun denken. Wéi wann déi Wieder, mat Feierhand geschriwwen, a mëngem Häerz déite brennen. Ech hätt bestëmmt wéi leider aner Leit och, dem gudde Mann séng Wieder scho vergiess, wann ech nët bewise kritt hätt, dass se stëmmen.—

Zwee Méint no der Friddensfeier, also am Juli 1945, souz de Konze Menn samschdes Owes mat e puer Frënn beim Pättchen. A well dat wat der tèscht nach gejaut, geries, gesot, gebradelt, gesabbelt, gepëspert a gehouscht gouf, eis Geschicht nët viru bréngt, loosse mir all Zwëscherruff aus, gin dem Menn d'Wuert erëm a lossen him et och.

— Dir wësst jo wat ech ëmmer behaupten: D'Uersaach firwat et esou vill schéi Medercher gët as déi, dass nët eent eleng eis d'Häerz ka brieche! Dozou stin ech och elo nach. Mee ech muss zouginn, dass et méi wéi eent gët, dat mir gehollef huet ferm nozedenken.

An eent besonnesch virun en etlech Deeg a Wochen.

Et kann elo e klenge Mount hir sin, spadséieren ech eng Kéier nomëttes d'nei Avenue of op d'Gare zou. Wéi ech laanscht d'Arbed kommen, spiren ech é Bléck dee mir wiirklech op de Lichte brennt. Ech kucken op, gesin an donkel An

déi richteg Fäiler puchen. Ech duecht d'Trottoirsplacken géifen ufänken ze klunschelen. Gleewt et, Frënn, oder loosst et ston, mir gouf et wakkleg op de Been. A scho war d'Framënsch laansch dat mech paff mee frank a fräi an onge-
néiert ugestuerkt hat.

— Soll ech elo vu Rousemond, vu Pijhebake schwäzen? Vun donklem Hor an enger bleecher Stir? Vu **Märchenan**? Séng Gréisst verroden? Wouméiglech ongeféier säi Gewiicht? Oder wat lech Borschte soss nach intresséiere géif?

Gidd mer ewech! **Et war einfach dat Schéinst!**

Ech war sécher, dass ech déi Persoun scho gesin hat.

Direkt op den éischte Bléck wusst ech et. Well, dat wësst der jo, wann ech haut ee beim Eiffeltour begéinen, kennen ech en nach e Joer drop erëm a sief et bei der Rangbaach.

Awer dës Affär gouf mir ongewéinlech. Si kouw mir deeglang nët méi aus dem Kapp.

Ech hun ëmmer datselwecht Bild gesin, ouni him kënnen eng Plaz ze gin.

Wat e Gesiicht, duecht ech, esou reng, sou schéi wéis du nach soss ni eent gesin hues. Oder bal esou eent? Awer wéini? Wou, wann ech nëmme wéisst wou! Louch nët och Spott an denen An oder eppes wéi Trauregkeet? Op alle Fall eppes Extraës, eppes Perséinlech, eppes dat et nëmme eemol gët!

Ech hu mech, op ech wollt oder nët, mussen drunhalen fir ze probéieren dem Kapp, déer Foto, eng Rumm ze fannen. **Emsoss!**

No ongeféier enger Woch, hun ech d'Saach opgin, wollt jhust nach eent: **Vergiessen!**

Mee grad den Owend, wéi ech schon am Bett louch, jhust téschent Dram a Wiirkechkeet, kouw mir d'Erënnerong souzesoen an d'Gehir geflunn.

Ouni déi klengste Méi, ouni dass ech den Ufank iwwerhaupt gewuer gouf, wusst ech, dass ech d'Léisong fond hat.

Mäin Häerz huet mer an der Broscht Trom geschlon wéi ech aus dem Bett gespronge sin. U Schlof war nët méi ze denken.

Wéi wann ech am Theater séiz, gesouch ech d'Zeene vun eisem Begéine genee viru mer:

Am Summer 1939.

Ech trëntelen duerch mäi Suebelwee, dohanne bei der Fräschebaach. Déi Säit vun déer hiewt sech géi de Rampli, den se fir de Feierwon gekéipt hun. Den Hiwwel as scho laang gutt bewuess. Vill Zorte Gras, Kraut a Blummen, Kröppeleechen, Hobichen, Eschenhecken, Hieselter a Weidesträiss. Heiansdo eng kleesper Biirk dertëscht. A lénks niewt mir eng Strépp Bichebësch. Houffreg luussen déi héich Beem iwwer

Suebelkuppen op d'Diirfer. Vir beim Wee, eng Bänk.

An op dér sëtzt e Meedchen. Oder eng ganz jong Fra!

De Wand stréilt verspillt iwwer e schwaarze Krauselkapp. Gedëlleg firt eng schmuel Hand duerch d'Hor, fir se riicht ze leen. Déi aner leit um Grëff vun enger Kannerkutsch, klunsch déi op an of. Aus dem Gefir héiert een eng kräfteg Stëmm en onzefriddent Liddche sangen.

Ech kommen erfort. Bleiwe ston. Wéi d'Kand an der Kutsch mech gesäit as et direkt roueg.

Vläicht as et eng Grëtz erféiert. 'T wär kee Wonner. Luss, laach nët esou domm. Bei dir wär et bestëmmt am Schreck sëtze bliwwen!

Déi jong Perséinchen op der Bänk laacht zefridden. Ech stelle mech vir, froen op et erlaabt as, wéi ech scho sëtzen.

Du kouw erëm dat Laachen op, wësst der Frënn, esou hannen aus dem Hals, dass engem d'Schuddrängen ausgin. Ech verdrong esou epoos glat nët.

Duerfir bleiwen ech nach laang do.

Wat soll ech d'Geschicht an d'Längt zéien? D'Kand an der Kutsch war d'Schwësterchen. Dat Grousst huet Marie-Louise geheescht.

Ech sot emmer nëmme MARILOU. An dat huet him gutt gefall. Dir wësst, ech war deemols nonzeng Joer al. Wat der bis elo nët wusst: Hatt hat der siewenzéng!

Eist éischt Begéine war am Juni. An desem härleche Summer souz ech dacks op der Bänk bei der Feierwonsfräschebaach, hun dem Pespere vum Wasser nogelauschtert. Hun d'Zich gezielt. . . . Bis ech nët méi eleng war.

Dann hun ech dem Marilou Lidder gesongen. Fir dass dat Klengt sollt éischer schlofen. . . . Well d'Kutsch war ëmmer derbäi!

Wann een sech esou spéit nach eng Schwësterche keeft, da muss een s'och versueren!

Den Hierscht kouw, huet keen Ennerscheid gemat téscht dem Zucherampli an den houfreg Bichen. Gréng, giel, rout, brong, och an allen Zëscheaarwen hu Kraut an Äscht séch gebräzt. Well d'Zäit vun der Erfëllong war.

A mir duechten nët un d'Stiirwen.

Ech zumools nët. An et sollt awer grad du sin, dass méng éischt schei Léift hirt Enn sollt kréien.

Deen Dag hu Posären an de Gleiser gekappt. Op eemol gi Weidesträiss douewen auserneen. 'T gesäit een e groe Kapp, e schmuel Gesiicht. Rosen Äë blätzen. An de Mond ënnert engem dënne Schnauz riff: "Soll ech iech Bee maache kommen, dir gréngt Geméis?"

Ech gouf der jo sou rosen a birelen hannescht: "Da komm emol erof probéieren, du Schwellebaatschert!"

A scho war deen Alen amgang ze folléchen.

D'Marilou stong wéi aus Steen. "Em Gotteswëllen", huet et gekrasch, "dat as mäi Papp!"

— Kuerz a gutt: Ech sin ugaang. Einfach fortgerannt!

Dono hun ech méch geschummt, si ni méi a méngem Sand spadséire gaang.

. . . . Et kouw de Krich d'Invasioun vun de Preisen,

An eise Leidenswee. Doriwwer kann ech mer jo all Wuert spueren. De Luss hei niewt mer, huet jo alles beschriwwen.

All déi Gedanken, déi Gebieder, déi Angscht, den Ekel, déi Hoffnung fir z'iwwerliewen hate mir d'Erënnerung u méng Dommheet a méng Schold vum Suebelwee ewech gewëscht.

Bis ech elo dér Deeg déi Hex zoufällig erëmgesouch.

Wéi d'Wëssen nees bei mir war, huet de Wonsch Gréisst kritt vläicht gutt ze man, wat ech deemols esou schappeg gestiicht hat.

Laang hun ech duerfir net brauchen nozedenken. Et kouw eng grouss Sécheheet a mech.

— Géi duer wou alles säin Ufank hat! Do muss et weidergon! Et as de Wëll a mir opgestan, ech kënnt d'Geschéck zwéngen mir ze hëllef. Et misst esou gin, wéi ech et wollt hun. Ech dierft mech nët ieren. D'Marilou wär do!

. . . . Du muss et ëm Verzechnes fron, probéieren fir deng Aarmséilegkeet z'erklären! . . .

Sou gong ech virgëscht mäi Wee, den ech esou laang leie gelooss hat.

An alles war wéi ech wollt! Mäi Gebied gouf erhéiert! Sechs Joer waren ewech gewëscht. . . . Sou huet et mer geschéngt.

Wiirkech!!!! Eng Parti vu méng Gedanken waren am Marie-Louise séng Dreem gefall! Well et hat méch jo gläich erkannt!

Wéi ech duerch de Suebelwee kouw, soutz et do eng Kannerkutsch ze wéien. Ech hu méch virgestallt, gefrot op et erlaabt wär, wéi ech scho soutz.

. . . .

"Neen, sot d'Marilou herno," des Kéier as et nët méng Schwëster. Dat do as mäin eegene Béifchen! A fir dass de mer nët erféiers! Douewen an de Gleiser schafft mäi Mann! Mee hien as Meeschter!"

— Eiser Härgott? — hun ech geruff. "Nammel e Bunnert! As dat bei iech eng Familjekränk?—

. . . "Neen, nëmme Zoufall. Wees de, de Jhorsch kouw och eng Kéier hei laansch d'Bänk. Am Krich. Hien as jo méi al. Hie war nët zwangsrekrutéiert. Jo, du huet hie gepotert. A bal e Rad geschlon wéi e Pouhun. Sou wéis du virdrun!

An nees fong mäi Papp, douewen hannert den Träisch un ze brëllen. A mäin neien Noper huet g'äntwert. Awer eng Grëtz manner frech wéis du. 'T huet kee Fatz gedéngt. De Papp kouw awer erof gehauwt. An du, mäi léiwe Jong. . . . — Jo, wat war dann du? Sees d'et hannen um Enn net gär?—

"Dach. Firwat soll ech dir et virethalen? . . . De Jhorsch as nët fortgelaaf!"

. . . . — Jo Frënn, sou huet de Loun vu méngem Dabo, vu méng Feigheet méch erëm kritt. No esou vill Jor! A fir déi versalzten Zopp ganz auszeläffelen, sëtzen ech hei bei iech, wollt alles ageston, ouni a Blat virun de Mond ze huelen.

De Som vun der Strof as de Bam gin, dee mer elo iwwerall an de Féiss steet.—

. . . .

'T sief dem Autor erlaabt e puer Wuert hannert d'Beicht vum Menn ze setzen.

Wéi ee konnt liesen war ech jo séngerzäit derbäi gewiescht wéi hien sech ons uvertraut hat.

Mir zwee koumen eis ganz laang aus den An.

Awer ech hun och en zimmlech gudde Verhalten. Virun véierzéng Deeg gesouch ech mäi Frënd erëm. An eiser aler Hemecht. No **véierzéng** Joër!

Ech hun d'Gespréich op säin Erziele vun deemols bruet.

Du huet hie gelaacht.

"Mäi Bam?! Deen as fort! Futti! Ätta!

A scho laang!"

"Majo, sot ech am Geck, "Dréckeg Emwelt, Benzin, séissaure Reen!"

— "Géi mer ewech! Dovun as et nët! Weess de, mäi Bam war en Dar.

Déer sollten se méi planzen. Déi gin ni liecht an d'Guetten. Déi kanns d'ustiechen, ganz verbrennen. . . . D'anert Fréjor stoussen s'erëm aus.

Nee, Luss, ech hat eng Medizin déi vill méi sécher wiirkt! Erënner déch: **Déi vill Fraleit op der Welt! Fir-wat sin sie dann do? An hir Schéinheet? Fir dass nët eent eleng dir d'Häerz ka briechen!**

A méng – Feigheet – vun deemols war nème Virsiecht!

Ech hu mech ëmfrot.

D'Marilou huet jhust zwee Kandskanner.

An **ech hun der zéng!**"

© 1988 by
F.V.N.E.F.

L.M.
Hierscht(ufank) 1985

Aus der Vergaangenheet léieren!

De 4. Mee 1988 huet de Néckel Kremer op Aluedong vun der Geméngverwaltung Biekerch säi neit Buch „ERËNNERUNGEN“ presentéiert. Am Festsall vun der Geméng huet de Buergermeeschter Jos. Seyler déi ronn 60 Eiergäscht begréisst, éier den Buchauteur Néckel Kremer sänge Nolauschterer erzielt huet, wéi hien duurch d'Land gepilgert as, eng ganz Mass vu Leit opgesicht a se iwwer hir an hire Familjen hir Schicksaler an der Zäit vun der preisescher Okkupatioun gefrot huet.

Dem Néckel Kremer säi neit Buch, 352 Säiten déck, as ménger Werrecht en eenzegartegt Dokument. A besonnesch den Titel vum Buch „ERËNNERUNGEN“ hätt eiser Usiicht no nët besser kënne gewielt gin. Déi meeschte Fäen, déi am Buch festgehale sin, si bekannt mä nëmme vun deene wéinegste Leit am Land. Dem Néckel Kremer säi grouse Verdéngscht as et, eng ganz Rëtsch vu besonnesch markanten Erliëfnesser ënner der preisescher Okkupatioun fir all Zäite niddergeschriwwen ze hun.

Et wär ganz bestëmmt nët gutt, wa mer op dëser Plaz dem Néckel Kremer säi Buch noerzielen déiten. Duergéint sief dach awer gesot, datt am Buch déi énk Verflechtungen vun de Lëtzebuerger Bevëlkerung am Asaz an d'Sechwieren géint de Naziokkupant onmëssverständlech duergelued gin. Vill kléng, muenchmol esou guer ganz banal Fäen hun derzou bäigedroen, datt de Widderstand géint d'Preisen zu deem Succés gefouert huet, wéi mer e kennen. Eng ganz Mass Leit am Land haten oni Rëcksicht op de Verloscht vun Hab a Gut, vu Gesondheet a Liewen vu sech a vun hire Familjen dausenden anere Matbierger, besonnesch déier vun der deemoleger, jhengerer Generatioun, déi Preisen komplett ausrotte wollten, d'Liewe gerett. Hinne kënn de Verdéngscht zou, datt déi enorm laang Lëscht vu 4.400 doudege Lëtzebuerger nët nach méi laang gi war.

Hiewe mer zu Enn och nach erviir, datt dat 27 Säite laangt Kapitel „Eis Dokteren am Krich“, een dacks vill ze wéineg beuechtend, vum Néckel Kremer behandelt gouf.



Eng Léier aus der Vergaangenheet zéien! Wéi kann e Mensch dat maachen, wann d'Vergaangenheet Geschschwätz bleiwt? Mëndlech Reportagen, Erzieltenes oder Weidererzieltes, an dat dann och nach nëmme a beschränkte Kreesser, kann zu absichtlecher, oder nët, Verdréiung oder Manipulatioun féiren. Et as erschreckend, wéi d'Zuel vun deene wisst, déi dat, wat reell geschouch, verdréit, iwwerdréien oder onrealistes, aus dem Kader gerass, duerstellen.

Fir deem entgéintzewierken gët et nëmme Eent: D'Wiirkechkeet an d'Tatsaache schrëftlech, kloer an onverfälscht niddereschreien, fir se esou der Nowelt zougänglech a verständlech ze maachen.

Ze kaafe kritt een d'Buch beim Auteur selwer: Néckel Kremer, Déifferdang, Tel.: 58 81 37, duurch iwwerwise vun 1.100 Frang op ee vu sänge Konten bei der

Banque Internationale No 9-144/1123

Banque Générale No 30-9188-07

Spuerkees No 6200/0199-1

Postscheckkonto No 23451-74.